9. **Sollt är Partei no de Walen an der Verantwortung sinn, haalt Dir um Projet de Loi 8040 fest?**

De Sozialdialog ass e wichtege Faktor vum Lëtzebuerger Erfollegsmodell – och an der Fonction publique. Dofir sollten an Zukunft – wann d'Staatskeesen dat erlaben – och korrekt Tarifaccorde fir Staatsbeamten, Employéen an Aarbechter verhandelt ginn. D'DP huet sech dobäi déi lescht Joren als vertrauenswierdege Partner bewisen.

Ënnert dem Lead vum DP-geféierte Ministère fir den ëffentlechen Déngscht, konnt d'Regierung an de Joren 2021 an 2022 all Kéier en neit, responsabelt Gehälterofkommes mat der Staatsbeamtegewerkschaft CGFP ofschléissen. De leschten Accord, mat enger Lafzäit vun zwee Joer, gesäit fir dëst Joer eng Hausse vu fënnef Prozent fir déi éischt 100 Gehälterpunkte vir. Besonnesch Staatsbeamte mat enger méi niddereger Pai, déi am meeschten ënnert dem Kafkraaftverloscht wéinst der Inflatioun leiden, kommen déi fënnef Prozent zegutt. Vun 2024 u gëtt et eng generell Hausse vum Punktewäert vun 1,95 Prozent.

Jo

Nieft deene problematesche Punkten enthält de Projet de Loi 8040 och eng Rei Aspekter déi mir positiv gesinn. Mir géifen deemno de Gesetzesprojet op de Leescht huelen an op eng Veränderung vu verschiddenen Dispositiounen bestoen.

De Projet de loi 8040 baséiert u sech op dem Gehälteraccord vun 2016. D'Zil vum Projet ass d'Eropstufen an d'C1 a C2 Carrière. Dat ass fir eis Piraten een Zil wat mir ënnerstëtzen. Mir Pirate wieren dofir éischter fir eng Nobesserung op dësem Punkt ewéi dass mir elo de Projet ganz kippe wéilten. Hei gëllt et jo och nach den Avis vum Staatsrot ofzewaarden, no deem et jo oft nach muss zu Ännerungen am Gesetz kommen.

D'ADR wëll kloer maachen, datt dëst e Projet vun der Gambia-Regierungskoalitioun ass, un dem si net bedeelegt ass an un dee si a kengem Mooss gebonnen ass. Sollt d'ADR an eng Koalitioun kommen géinge mir all déi Projeten aus där aktueller Legislaturperiod nei evaluéieren an iwwerschaffen. Dozou gehéiert och de Projet 8040. Bis haut huet och just eng Beruffskummer zu dem Projet Stellung geholl (Chambre des fonctionnaires et employés publics).

Mir wäerten an deem Fall all Problemer, déi sech kéinte stellen, mat de Sozialpartner diskutéieren.

10. **Géif Ar Partei sech engagéiere fir beim Staat an där nächster Legislaturperiode méi Plaze fir Handwierker mat Meeschterprüfung am B1 ze schafen wei bis elo?**

Geänwert gëtt an der Fro 9

Jo

déi Lénk si generell der Meenung, datt manuell Beruffer an eiser Gesellschaft ënnerbewäert sinn an dat gëllt och fir d'fonction publique. Mir sinn dofir, datt Handwierker mat der Meeschterkaart d'office an de B1 kommen.

Wann op Plazen an de nächste 5 Joer méi Handwierker mat Meeschterprüfung beim Staat gebraucht sinn, sollen dës am B1 ausgeschriwwe sinn.

Dat hänkt vun de konkrete Besoinen of. Falls an dësem Beräich zousätzleche Personalbedarf virläit, komme mir deem selbstverständlech no. Fir eis ass et awer och wichteg ze ënnersträichen, datt de Staat net dem private Secteur all déi gutt a qualifizéiert Leit, ewéi z.B. d'Handwierker, einfach soll wech huelen, z.B. doduerch well beim Staat d'Aarbechtsplazen dacks besser bezuelt a méi sécher sinn ewéi am private Secteur. Dowéinst ass d'ADR der Meenung, datt wann en Handwierker an engem Betrib op dem seng Käschten ausgebilt gouf an dono bei de Staat geet, dee Betrib muss dofir vum Staat kompenséiert ginn. Déi allgemeng Modalitéite fir eng gerecht Kompensatioun vun deene Betriber sollen tëschent dem Staat an de Vertrieder vum Handwierk ausgehandelt ginn.

Jo.

11. Sollen d'Handwierker mat Meeschterkaart ëmklasséiert ginn an de B1?

Geänwert gëtt an der Fro 9

Grondsätzlech si mir fir eng Opwäertung vum Handwierk an der Meeschterkaart, sou dass mir eis der Méiglechkeet vun engem Reklassement net verschléissen. Gläichzäiteg si mir der Meenung, dass de Sozialdialog de richtege Kader ass, fir iwwert Froe wéi dës am Fong ze diskutéieren an Decisiounen ze huelen.

Jo, mir ënnerstëtzen des Demande. D'Handwierksberuffer mussen an eisen Aen opgewäert ginn.

Jo. Eng Meeschterkaart sinn 3 Joer zousätzlech Formatioun a sollen och deementspriechend valoriséiert ginn.

D'Meeschterkaart ass e "critère d'accès" fir un der Prüfung fir an eng B1-Karriär ze kommen, deelhuelen ze kënnen. D'ADR schwätzt sech dofir aus, datt d Meeschterkaart systematesch soll valoriséiert ginn, andeems déi betreffend Persounen nom Modell vun der B1-Karriär solle remuneréiert ginn. Et ass fir d'ADR inakzeptabel, datt staatlech oder kommunal Verwaltunge weiderhi geziilt an den Ausschreiwungskrittäre fir eng Plaz eng Meeschterkaart fuerderen, dës Persounen dann awer an enger méi niddereger Karriär, wéi déi vum B1, astellen a remuneréieren. Grad am Hibléck op den Effort, fir méi Handwierker zu Lëtzebuerg auszebilden, ass et e falscht Signal an doriwwer eraus och ongerecht, Persoune mat Meeschterkaart net ugemoossen ze remuneréieren, andeems si an enger méi niddereger Karriär agestallt ginn.

Mir wäerten dës Fro am Dialog mat de Sozialpartner ofklären.

12. **Ass Är Partei der Meenung, dass Handwierker weider ënnert dem Statut vum Fonctionnaire beim Staat agestallt ginn?**

Geänwert gëtt an der Fro 9

Jo

Jo, de Staat sollt d'Handwierker am Statut vum Fonctionnaire astellen.

D'Piraten hu keng spezifesch Positioun zu den Handwierker déi als Fonctionnairen agestallt ginn. Generell soe mir, dass beim Astelle vu Fonctionnairë Folgendes ze betruechten ass: Wat de souveräne Funktioune vum Staat ugeet, ass de Prinzip, datt dës Positioune fir d'Staatsbeamte musse reservéiert sinn, well de Statut vum Fonctionnaire Stabilitéit a Schutz

géint arbiträr Decisioune garantéiert. Trotzdeem muss een am Kapp behalen, datt mir an enger Situatioun vun allgemengem Aarbechtsmangel sinn a vill Verwaltungen dovunner Zeie sinn. Et ass also néideg fir de gudde Fonctionnement vum Staat prioritär ze stellen an dofir, wann néideg, vun dësem Prinzip ofzeschwächen.

adr

Jo. D'ADR ass net der Meenung, datt den ëffentlech-rechtleche Statut soll progressiv ëmmer méi ausgehielegt ginn.

CSV

Jo.

13. **Ass Ar Partei oppe fir e reegelméissegen Dialog iwwert d'Zukunft vum Handwierk mat der AAT an hirer Daachorganisatioun der CGFP?**

DP

Geänwert gëtt an der Fro 9

déi gréng

Jo

déi Lénk

déi Lénk sinn ëmmer oppen fir den Dialog a besonnesch fir den Dialog mat de Gewerkschaften.

PIRATEN

Jo, d'Piraten hunn ëmmer een oppent Ouer fir d'Gewerkschaften an eis ass et generell bei all Thema wichteg, d'Meenunge vun de Leit um Terrain ze kennen.

D’CGFP gouf jo och duerch d'Sozialwalen als klore Vertrieder vun den Aarbechter am ëffentleche Secteur gewielt a spillt eng zentral Roll fir ee resilienten a gutt funktionéierend Staatsapparat ze garantéieren.

adr

Jo, selbstverständlech.

CSV

Jo. De Sozialdialog ass immens wichteg fir d´CSV a muss intensivéiert ginn.